



Previsiounen fir 2021-22 fir de Niveau 6e

Mir gesinn op 6e d'nächst Joer 9 Klasse vir.

Dobäi sinn

- 3 Sportklassen (déi sollen am Januar 2022 Ski fuere goen wann d'Situatioun et erlaabt)
- 1 Museksklass
- op 3 Klassen huet all Schüler een iPad (1 vun deenen 3 ass eng Sportklass) säit 7e.

Op 6e kann een am LMRL natierlech och mat Latäin ufänken an de Choix ass kompatibel mat dem Choix vun enger Sportklass, Museksklass an/oder iPad. Säit 2 Joer hu mir een interne Projet lafen wou d'Latäinschüler och schonn 3 Stonne pro Woch Englesch op 6e hunn (an anerer Schoulen hunn d'Latinisten eréischt Englesch ab 5e).

Vu dass mir dëst Joer op 7e wéinst Corona e bësse manner grouss Klassen hunn dierfen organiséieren, hu mir nach e puer Plazen fir extern Schüler op 6e opzehuelen.

Previsiounen fir 2021-22 fir de Niveau 5e

Mir gesinn op 5e d'nächst Joer 10 Klasse vir.

Dobäi sinn

- 4 Sportklassen (déi sollen am Mee an Holland surfe goen wa Corona et erlaabt)
- 1 Museksklass
- op 2 Klassen huet all Schüler een iPad (1 vun deenen 2 ass eng Sportklass) säit 7e.

Op 5e ass de Choix Latäin kompatibel mat dem Choix vun enger Sportklass, Museksklass an/oder iPad.

Previsiounen fir 2021-22 fir de Niveau 4e

Mir gesinn op 4e d'nächst Joer 8 Klasse vir.

Dobäi sinn

- 3 Sportklassen (déi sollen am Juni an Éisträich goen fir Rafting an aner Outdoorsportarten wa Corona et erlaabt)
- an 1 Museksklass.
- D'Schüler vun 2 Klassen vu 4e hunn da schonn een iPad säit 7e
- d'Schüler vun all den anere Klasse vu 4e kréien am Ufank vum Schouljoer och een iPad.



Previsiounen fir 2021-22 fir de Niveau 3e

Eis aktuell 4e-Schüler hu keen iPad, mee op 3e wäert all Schüler ee neien iPad kréien

Mir plange fir d'nächst Joer eng 3eA (Sproochesektioun). Do wielt all Schüler eng sougenannte 4e "langue vivante" (niewend Däitsch, Franséisch an Englesch). D'Schüler hate bis elo de Choix tëschent Spuenesch an Italienesch an dëst Joer wäert just am Lycée Michel-Rodange de Choix Lëtzbuergesch dobäi kommen. Et handelt sech ëm e Pilotprojet vum Éducatiounsministère, woubai et engem muss kloer sinn dass et sech net ëm eng Aféierung an d'Lëtzebuergesch handelt, mee ëm e zolitte Cours dé bis 1re geet (an do mat 5 Stonne pro Woch) wou et net nëmmen ëm d'Sprooch geet mee och ëm d'Literatur, d'Kultur an d'Geschicht vu Lëtzebuerg.

Ausserdeem bidde mir traditionell d'Sektiounen B (mathématiques-informatique), C (mathématiques-sciences naturelles), D (mathématiques-sciences économiques), E (éducation artistique) a G (sciences sociales) un. Detailer zu deene Klassen fënnt een um Site vum Éducatiounsministère.

Zousätzlech zu der Sektioun wielt awer och all Schüler op 3e (ausser d'Latinisten) een Optiounscours vun 2 Stonne pro Woch (Lëscht vum LMRL en annexe) mat Koeffizient 2.

Am Lycée Michel-Rodange huet een awer alternativ dozou d'Méiglechkeet op de Sektiounen B bis G ee Sproochecours (Spuenesch, Italienesch oder Chinesesch) vun 3 Stonne pro Woch mat Koeffizient 3 ze wielen an dës Sprooch op 2e a 1re weider ze huelen (ab 2e gëtt dofir Däitsch oder Franséisch weg gelooss) mat der Méiglechkeet den Examen ze schreiwen.

Ausserdeem kann een am LMRL op der Konschtsektioun (E) e méi staarke Mathécours (5 Stonne pro Woch, de selwechte Cours wéi op D) amplat vun enger Optioun ze wielen. An op der Mathésektioun (B) kann een, wann ee besonnesch fläisseg an éiergäizeg ass, och nach d'Biologie vun enger C matmaachen.

All Demanden déi bis de 15. Juli era kommen, ginn an eis Planung vun de Klasse mat abezunn.

Previsiounen fir 2021-22 fir d'Niveauen 2e a 1re

Mir wäerten d'nächst Joer op 2e d'Sektiounen B, C, D, E a G ubidden. Vu dass mir dëst Joer keng 3eA hunn, wäert et d'nächst Joer och keng 2eA ginn.

Op 1re wäerten mir d'Sektiounen B, C, D, E a G ubidden. Vu dass mir dëst Joer keng 2eA hunn, wäert et d'nächst Joer och keng 1reA ginn.

All eis aktuell 3e a 2e-Schüler hunn dëst Joer een iPad krit. Nei extern Schüler op 2e a 1re kréien dann am Hierscht och een iPad.